Wort des Präsidenten

Dir Dammen an dir Häre,
Léif Memberen,

Mir duerchliewen eng Zäit, wéi se säit Mënschegedenken net méi do war. Fir eis all ass et keng einfach Zäit. Et weess och keen esou richteg, wat d'Zukunft eis brénge wäert.

An eisem deegleche Liewen ass villes verännert; munches wäert och, nodeems mer d'Pandemie iwwerwonnen hunn, ni méi esou sinn ewéi virdrun.

Wat fir deen Eenzelen zoutrëfft, gëllt och fir d'Veräinsliewen. Wann och den Zougang zu den, fir eis Broschüren, noutwendegen Informatiounen an dëser Zäit net einfach ass, hunn eis Leit am Comité an eis Artikelschreiwer de Kapp net hänke gelooss. Zesummen hu mir, wéi et virgesi war, am vergaangene Veräinsjoer zwou Broschüren zesummegestallt an un eis Membere verdeelt.

Duerch déi vun der Regierung am Confinement virgeschriwwe Mossnamen konnte mir déi bis dohin all Joer duerchgefouert kulturhistoresch an naturkundlech Tour net ënnerhuelen. Déi ugekéinegt Sortie an den Äischdall war fäerdeg virbereet.

Wéi an de Broschüren 2 bis 8 beschriwwe bestoung d'Akommes vun den Awunner vun eiser Gemeng fréier eng länger Zäit aus dem Verdéngscht am Zesummenhang mat der Eisenhierstellung. Vill vun eise Virfuere waren deemools als Bëschaarbechter, Kuelebrenner, Fouerleit oder Schmelzaarbechter fir d'Schmelzhären am Äischdall am Déngscht.

Soubal wéi normal Zäiten antrieden, gëtt de virgesinenen Ausfluch an dat fréiert Aarbechtsgebitt vun eise Virfueren, an domat jo och an déi schéi Park- a Gaardenanlage vum Aansebuerger Schlass, nogeholl.

De Moment huelen d'Covidinfektiounen erëm zou a mir wëlle kee Risiko agoen, dofir gëtt d'Generalversammlung vu „Koplescht – fréier an hott" d'selwecht wéi dat viregt Joer iwwer de Postwee oder Internet ofgehalen.

Dat viregt Joer hat dee Wee, och wann en ëmständlech war an och dëst Joer ass, e schéint Resultat. Är sëllege Réckäntwerten hunn eis vill Freed gemaach an encouragéiert, fir weider eng gutt Aarbecht am Interesse vun eisem Veräin ze maachen.

Am vergaangene Joer si verschidde Memberen, gutt Frënn a Frëndinne gestuerwen. Si sinn net vergiess, mir erënneren eis gär un eist Zesummesinn mat hinnen.

Nach ee Wuert a perséinlecher Saach. Mat nobäi 80 Joer wëll ech d'Féierung vun eisem Veräin ofginn. Ech sinn iwwerzeegt, datt jong Leit bereet stinn, fir gutt Aarbecht ze leeschten an de Veräin „Koplescht – fréier an hott" weiderentwéckele wäerten.

Léif Memberen, ech wënschen, datt mer eis geschwënn erëm eng Kéier kënne perséinlech, an dat bei gudder Gesondheet, erëmgesinn.

Jos Junck

Aktivitäten 2020

15.3.2020 Veröffentlichung des Hefts „fréier & hott“ Nr. 23 (78 Seiten, >100 Abbildungen)

30.6.2020 Generalversammlung per Briefverkehr

15.11.2020 Veröffentlichung des Hefts „fréier & hott“ Nr. 24 (78 Seiten, >100 Abbildungen)

Vier Sitzungen des Vorstands, eine davon über Internet
Mehrere Koordinationssitzungen der Redaktionsgruppe

Weitere geplante Aktivitäten konnten wegen der Pandemie nicht durchgeführt werden

Mike Anen

Projekte 2021

- Erstellen des Hefts „fréier & hott“ Nr. 25 [Anfang April an unsere Mitglieder verteilt]
- Erstellen des Hefts „fréier & hott“ Nr. 26 [vorgesehen für Ende Oktober]
- Aktualisierung und Ausbau des vereinseigenen Foto- und Dokumentenarchivs
- Die Durchführung weiterer Aktivitäten hängt vom Verlauf der sanitären Lage ab.

Mike Anen

Budget 2021

Recettes		**Dépenses**	
Cotisations / Abo.	8 800,00	Abo Internet + Homepage	210,00
Dons	1 500,00	Édition de 2 brochures	15 000,00
Vente brochures + DVD	300,00	Timbres	1000,00
Subside Commune	1 800,00	Enveloppes	200,00
Soutien financier Lalux	1 500,00	Frais-banque-assurance	750,00
Total	**13 900,00**		**17 160,00**
Résultat de l'exercice	**–3 260,00**		
Solde compte 2020	12 500,00		
Excédent exercice 2021	**9 240,00**		

Émile Marso

Kassenbericht 2020

Scheinbar schließt das Geschäftsjahr 2020 mit einem Überschuss ab. Der positive Saldo stammt allerdings daher, dass der Verein sein Sparkonto aufgelöst und das Guthaben von mehr als 8.000 € aufs Girokonto überwiesen hat.
Am Ende hat das Vereinsvermögen 2020 um 1.516,79 € abgenommen.

Die Gemeinde Kopstal hat dem Verein ab 2021 eine solide Unterstützung zugesagt, so dass wir auf die im Heft 24 angekündigte Erhöhung des jährlichen Mitgliederbeitrags verzichten können.

Zuletzt möchte sich der Vorstand herzlich bedanken für die großzügigen Spenden unserer Mitglieder, die seit einigen Jahren mehr als nur ihren Jahresbeitrag überweisen. Einen speziellen Dank drücken wir dem Schöffenrat für seine zugesagte Unterstützung aus. **Villmools Merci!**

Émile Marso

Caisse 2020

Recettes		Dépenses	
Transfert cpte épargne	8.076,14	Commission et frais	32,40
Abonnements	8.645,00	Achat timbres	901,00
Dons abonnement	1.490,00	Imprimerie	14.450,61
Don abonnement 2021	75,00	Soirée Jacoby Lex	100,00
Vente brochures	691,00	Müller & Wegener	90,44
Abo payés pr 2021	225,00	Internet Visual Online	202,41
Subside 2019 commune	1.810,00	Factures LBR	24,82
La Lux	1.500,00	Assuraance	151,11
Total	22.512,14		15.952,79

Ancien solde cc	5.963,75
Recettes	22.512,14
Dépenses	15.952,79
Avoir total au 31.12.2020	**12.523,10**

geprüft und für richtig gefunden
8. März 2021